


DE JONKEN OP SENGE WEEËR BEGLEEDEN



Ech fille mech wuel a menger Haut
Ech sinn autonom
Ech handele responsabel
Ech si kritesch
Ech si kreativ
Ech si solidaresch

INTERESSEN & STÄERKTEN

BEZÉIUNGEN
& WUNNEN

Ech brénge vill mat
Ech hu vill Méiglechkeeten
Ech siche mäi Wee

LIEWENSSSTIL & GESONDHEET

FRÄIZÄIT & ENGAGEMENTER

WÄERTER & IDEALER

AUSBILDUNG & BERUFF

Ech fanne mäin eegene Wee, wann:
ech mech informéiere kann
ech Neies entdecken an ausprobéiere kann
ech fir mech selwer entscheede kann
ech mech abrénge kann
ech Verantwortung iwwerhuele kann
ech Gläichaltreger an Erwuessener hunn, déi mir zur Säit stinn

Déi Jonk entdecken a festegen hir Perséinlechkeet a sichen hir Plaz an der Gesellschaft. Dofir musse si a verschiddene Beräicher duerch Informatioun, Berodung, Austausch an Ausprobéieren hiren eegene Wee fannen.

Si fänken dobäi net ganz vu vir un a brénge scho vill mat: Kompetenzen, Interessen, Wëssen, Erfahrungen a Bezéiungen. Fir weiderzekomme brauche si och Bezuchspersonen, déi hinnen op Aenhéicht begéinen an, zur Säit stinn.

Jonker begleeden heescht, op hir Interessen a Besoinen anzegoen, hinnen nei Méiglechkeeten ze weisen, hinne villfältig Erfahrungen ze erméiglechen a si fir sech selwer entscheiden ze loossen. D'Liewe bitt vill Weeër, déi ee goe kann. An der Jugend-

aarbecht gëtt et net ee bestëmmtent Zil, dat muss erreecht ginn. Et geet drëm, déi Jonk dran ze ënnerstëtzen, autonom, responsabel, kritesch, kreativ a solidaresch Mënschen ze ginn, déi sech wuel an hirer Haut fillen.